N°4040
Entrée le 28.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4040 vum honorabelen Deputéierte Ricardo Marques**

1. **Kann den Här Minister confirméieren dat den Accès op d'Plattform "eduAccueil" aktuell d'Benotze vu "LuxTrust Mobile" oder vun "LuxTrust Scan" viraussetzt?**

   Den Accès op d'Plattform *eduAccueil* erfuerdert eng Authentifikatioun iwwer *LuxTrust*. Dobäi kënnen all Standard-*LuxTrust*-Produiten benotzt ginn, dorënner *LuxTrust Mobile* an d'*LuxTrust SmartCard*. Op *LuxTrust Scan* kann een och zeréckgräifen, wann ee kee Smartphone a keng *LuxTrust*-Kaart huet.

2. **Aus wei enge Grënn ass d'LuxTrust SmartCard net virgesinn, fir kënnen op d'Plattform "eduAccueil" zeréck zegräifen?**

   D'*LuxTrust SmartCard* ass vollstänneg kompatibel mat der Plattform *eduAccueil*. Et gëtt also kee funktionellen Ausschloss vun dëser Authentifikatiounsmethod.

3. **Wéi eng alternativ Léisunge si virgesinn, fir Persounen déi kee "LuxTrust Mobile" oder de "LuxTrust Scan" hunn?**

   *LuxTrust SmartCard* a *LuxTrust Mobile* kënne benotzt ginn. Zousätzlech gëtt aktuell, an Zesummenaarbecht mam CTIE, u weideren Authentifikatiounsmethoden (z. B. eIDAS) geschafft.

4. **Wat ass déi gesetzlech, respektiv reglementaresch Basis, déi den Accès op "LuxTrust Mobile" oder op "LuxTrust Scan" als Viraussetzung fir administrativ Demarchen am Beräich vun de Kannerbetreiungsstrukture virgesäit?**

   D'Benotze vu *LuxTrust* als Authentifikatiounsmëttel baséiert op de generelle staatleche Prinzippie fir eng sécher elektronesch Identifikatioun am Kader vun digitalen administrativen Demarchen.

   Dëst garantéiert:

   - eng zouverlässeg Identifikatioun vun de Benotzer;
   - d'Rechtsgültegkeet vun den Demarchen;
   - an de Schutz vu sensibelen Donnéeëën.

   Dës Approche entsprécht den nationale wéi och europäesche Kaderen am Beräich vun der digitaler Identitéit.

5. **Wéi vill Reklamatiounen oder Ufroe fir Hëllef am Zesummenhang mam Accès op "eduAccueil" goufen zanter der Aféierung vun dëser Plattform enregistréiert?**

   Am Kader vum Start vun der Plattform *eduAccueil* am Juni 2025, a besonnesch am Kader vun der Agrement-Prozedur, goufen 308 Ënnerstëtzungsfroen iwwer eisen OTRS-System (*Open Ticket Request System*) registréiert. Aktuell kann awer net genau gesot ginn, wéi vill vun dësen Ufroe sech spezifesch op Accès-Problemer bezunn hunn.

   Zousätzlech goufen zanter dem Start vum Journal de bord iwwer *eduAccueil* de 27. Abrëll 2026 insgesamt 72 Ufroen enregistréiert. Dës Ufroe waren haaptsächlech prozeduraler Natur (zum Beispill betreffend d'Vergab vun Accèsen), si waren allgemeng séier ze behandelen a stoungen net a Verbindung mat technesche Problemer. An engem limitéierte Krees vu Fäll (sechs) gouf och nogefrot, ob d'Benotzung vu *LuxTrust* obligatoresch ass.

6. **Wéi sinn déi eenzel Strukturen, Trägeren an déi kléng ASBL'en iwwert dës Prozeduren a Viraussetzungen am Zusammenhang mam "eduAccueil" informéiert ginn?**

D'Strukturen, d'Träger an och déi kleng ASBLe goufen iwwert d'Prozeduren an d'Viraussetzungen am Zesummenhang mam *eduAccueil* schrëftlech informéiert. Fir d'Erënnerung: D'Plattform *eduAccueil* ass zanter dem 03.06.2025 fir d'Träger fir d'Prozedur am Kontext vun der Demande d'agrément mat *LuxTrust* accessibel.

D'Informatioun gouf iwwert de Ministère un all Bildungs- a Betreiungsstrukturen esouwéi un d'Träger verdeelt.

Konkret goufen d'Strukturen an d'Träger follgendermoossen informéiert:

- D'Strukture goufen op dräi Geleeënheete virum Start (Januar, Mäerz an Abrëll 2026) schrëftlech vum Ministère informéiert.
- Eng Informatiounssessioun (Videokonferenz) ass um Dag vun der Aktivatioun organiséiert ginn, un där ronn 270 Participanten deelgeholl hunn.
- D'Träger goufen och schrëftlech informéiert, wéi si hirem Personal Zougang zu der Plattform kënne ginn.

Zousätzlech sinn all relevant Informatiounen och op der Internetsäit (*www.enfancejeunesse.lu*) vum Ministère zur Verfügung gestallt ginn.

D'Aféierung vun der Digitaliséierung vun de Prozedure ronderëm den Agrement ass am Kader vun engem partizipative Prozess ëmgesat ginn. An dësem Kontext gouf en Aarbechtsgrupp mat den Träger an d'Liewen geruff, an där Vertrieder vun der FEDAS, der FELSEA an dem SYVICOL vertruede waren. Dës Acteuren hunn aktiv un der Entwécklung matgeschafft an och un zwee Testdeeg virum offizielle Start vun der Plattform *eduAccueil* deelgeholl.

Fir d'Begleedung beim Start vun der Plattform ze garantéieren, gouf och en *Ticketing-System* ageriicht, deen et erlaabt, séier an effikass op Froen ze reagéieren, déi am Kader vum Start vun esou enger Plattform kënnen opkommen.

Déi digital Versioun vum Journal de bord ass näischt Neies. Si ass einfach an der Plattform *eduAccueil* integréiert ginn, mam Zil, en eenheetleche Portal fir all Demarchen ze schafen.

Am Beräich vum Journal de bord kënnen d'Strukturen aktuell nach ëmmer d'Pabeierform benotzen. Am Kader vum „système de développement de la qualité" huet dës Plattform d'Zil, de Professionellen um Terrain eng digital *Toolbox* zur Verfügung ze stellen, déi si bei enger kontinuéierlecher Qualitéitsentwécklung ënnerstëtzt an hinne verschidde praktesch Instrumenter fräi accessibel mécht.

Gläichzäiteg ass et awer d'Zil, datt d'Notzung vun der Plattform *eduAccueil* op Dauer zur gängeger Praxis gëtt. Fir dat ze erreechen, wäert de Ministère weider sensibiliséieren an aktiv d'Benotzung vun der Plattform férderen, an den Terrain ëmmer nees aktiv an e Consultatiounsprozess mat abannen.

D'Digitaliséierung erlaabt eng méi effizient Gestioun an eng verbessert Sécherheet vun den Donnéeën.

Lëtzebuerg, den 28. Mee 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH